

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. August 2021


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Nodeems e fréiere Journalist an engem Parking iwwerfall ginn ass an dat a sengem Blog beschriwwen huet, ass den Thema vun den Iwwerfall a vun der Nationalitéit vun de Kriminelle nees méi an de Virdergronn geréckelt. Den Här huet elo weider Detailer op sengem Blog publizéiert, déi och d'Regierung missten interpelléieren.

1. Ass et richtig, datt déi Leit, déi am Zesammenhang mat dësem Iwwerfall verhaft goufen, nordafrikanescher oder, méi präzis, tunesescher Ofstamung oder Nationalitéit sinn?
2. Sinn déi Detailer, déi d'Bierger kéinte viru méigleche Gefore warnen, öffentlich gemaach ginn?
3. Wat ass hire Statutt an Europa, mat wéi engem Recht hale si sech zu Lëtzebuerg op?
4. Ass et richtig, datt d'Lëtzebuerger Police Bescheed weess iwwer eng nordafrikanesch Grupp, „Goldkette“-Gang genannt, déi vun Diddeneuwen aus operéiert?
5. Gëtt et Kontakt tëscht der Lëtzebuerger an der franséischer Police iwwer dës Grupp?
6. Wou sinn déi zwee supposéiert Krimineller (am Respekt vun der Onscholdsvermuddung), déi den Iwwerfall op de Lëtzebuerger Journalist ze verantworten hunn, haut - am Prisong, respektiv zu Dräibuer oder scho nees op fräiem Fouss? Gouf déi behaapte Mannerjähregkeet vun enger vun deene zwou Persounen kontrolléiert? Wat as dobäi eraus kumm?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten